N° 5427
Reçue le 23.12.2021
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.12.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung ewéi och un d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

Wéi gëschter annoncéiert vun der Regierung, mussen d'Studentebaler dest Joer kierzfristeg op Grond vun de neien Covid-Restriktiounen ofgesot ginn.
Ewéi et aus engem Artikel am Tageblatt vum 23. Dezember 2021 heescht, hätt des kuerzfristeg Entscheedung vun der Regierung d'Studentenorganisatiounen, déi des Baler all Joers organiséieren, an eng finanziell Kris gestierzt.
D'Studentenorganisatiounen wieren net géint «Pandemie» verséchert an missten deemno kucken wéi se hier investéiert Suen elo erëm hierkréien.

Wëssend dass d'Studentenorganisatiounen sech gréisstendeels duerch organiséiert Baler finanzéieren, wéilte mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Huet d'Regierung sech mat de Studentenorganisatiounen a Verbindung gesat vir iwwert dëse Probleem ze schwätzen ?
- Wann jo, kann d'Regierung eis iwwert d'Resultat vun dëser Interaktioun informéieren ? Ass et zu engem Accord komm tëschent der Regierung an de Studentenorganisatiounen betreffend der finanzieller Kris an déi dës eragerutscht sinn op Grond vun de neien Restriktiounen ?
- Wann nee, aus wéi engem Grond? Gesäit d'Regierung fir sech mat den Studentenorganisatiounen a Verbindung ze setzen ?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

| | |
|---|---|
| Martine Hansen | Marc Spautz |
| Co-Fraktiounspresidentin | Deputéierten |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung an der Madamm Gesondheetsministesch op d'urgent parlamentaresch Fro n° 5427 vum 23. Dezember 2021 vun der honorabeler Députéierte Martine Hansen an dem honorabelen Députéierte Marc Spautz.**

D'Regierung huet d'Studentenorganisatiounen, genau wéi déi aner betraffe Secteuren, leider net konnten am Virfeld vun der Annonce vun den neie Covid-Mesuren, déi de Premierminister an d'Gesondheetsministesch den 22. Dezember 2021 gemaach hunn, iwwer déi geplangte Mesuren informéieren.

Datt verschidde laang geplangten Aktivitéite bedauerlecherweis wéinst den neie Restriktioune kuerzfristeg net wéi geplangt stattfanne kënnen, ass de Corollaire vun den Inconnuen, déi aktuell bestinn ëm déi nei Omicron-Variant, bei där wéinst dem ganz héijen Ustiechungsrisiko d'Projektiounen op eng considerabel Hausse vun den Infektiounen an den nächsten Deeg a Wochen hindeiten.

Dowéinst huet d'Regierung, fir déi kommend Infektiounszuelen sou gutt et geet ze drosselen, missten an der Urgence nei Mesuren huelen, an ënnert anerem mat der Spärstonn um 23 Auer, hu missen d'Rassemblementer, wourënner ënnert anerem och d'Studentebaler falen, staark limitéiert respektiv ofgesot ginn.

D'Regierung ass awer bereet, sech an de nächste Woche mat de betraffene Studentenorganisatiounen zesummenzesetze fir mat hinnen ze kucken, wéi wäit d'Ofsoe vun de Studentebaler assuréiert waren an ob an ënner wéi enger Form de betraffenen Organisatioune muss gehollef ginn.

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2021

De Minister fir Héichschoul a Fuerschung

(s.) Claude Meisch

18-20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85206
Fax (+352) 40 66 98
www.mesr.public.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu